N°1636
Entrée le 20.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1636 vum 9. Dezember 2024 vum honorablen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Ass de Minister net der Meenung, dass déi Circulaire am Juli 2024, domat kuerz virun der Summerpaus an en vue vum Delai vum 30te September, ze spéit erausgaangen ass? Däst ëmsou méi, et well dës déi Jore virdrun Ufanks Juni oder souguer Enn Mee erausgeschéckt ginn ass?**

Nee. D'Prozedur fir de Subsiden unzefroen ass all Joer déi selwecht, sou dass d'Veräiner net op d'Circulaire brauchen ze waarde fir hier Demanden ze preparéieren.

2. **Och wann d'Verlängerung vum Delai fir d'Veräiner ze verstoen ass, fir esou vill méi méiglech Veräiner eng Ënnerstëtzung fir hier Jugendaarbecht zoukommen ze loossen, wéi erkläert de Minister säi Virgoen, fir sech mat enger Mail un d'Federatiounen iwwert een Delai an engem groussherzoglechem Reglement ewech ze setzen?**

Menge Servicer ass opgefall dat eng ronn 40 Demande manner erakoume wéi déi Jore virdru, sou dass, am Sënn vum Sport, den Delai liicht no hannen geréckelt gouf.

Fir d'Zukunft wäert ech allerdéngs drop halen, dass déi Delaien esou wéi se am Reglement virgesi sinn, vu menge Servicer strikt agehale ginn.

3. **Wat fir en Impakt hat d'Verlängerung vum Delai op d'Unzuel vun den agereechten Demande?**

D'Verlängerung vum Delai huet dozou gefouert, dat ronn 40 Demanden méi erakoumen. Däst sinn ëmmerhin 10% vun all den Demanden.

**Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo